**Question élargie n° 99**
Reçue le 03.05.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 03.05.2021

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 3. Mee 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 85 vum Chambersreglement et virgesäit, wollt ech eng Question élargie zu de Gemengesyndikater un d'Madamm Inneministesch stellen.

D´Ingénieur-Directeurs vun de Gemengesyndikater hunn eng ganz Rei vun Aufgaben a Responsabilitéiten. Trotzdeem sinn hinnen am alldeegleche Geschäft awer oft d´Hänn gebonnen, well si oft, laut dem Gesetz, keng Decisioun däerfen huelen an och keng Délégation de Signature däerfe kréien. Dorënner leit dat alldeeglecht Geschäft an de Syndikater, déi ëmmer méi grouss ginn. Beispillsweis kéinten an der Praxis bei Incident wärend der Nuetspermanence d´Direktere selwer keng Decisioun huelen a missten sech un de Syndikatsbureau wenden, wat eng schnell Reaktioun oft schwiereg mécht. D´ALID, d´Associatioun vun den Ingénieurs-Directeurs, huet och scho Proposë gemaach, fir dës Problemer ze behiewen.

Dofir géif ech gären dëse Sujet am Kader vun enger Question élargie uschwätzen a folgend Theme méi genau behandelen:

- Wéi kënnen dës Responsabilitéiten vun den Direktere besser am Gesetz festgeluecht ginn?
- Ass eng Aart Iwwergangsléisung méiglech, bis dat neit Gemengegesetz gestëmmt gëtt?
- Kann d´ALID an de Prozess vun enger Verbesserung vun der aktueller Situatioun mat agebonne ginn?

Här President ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Aly Kaes
Deputéierten